Association des Biologistes Luxembourgeois

# ABIOL-INFO 1 / 2019

Association des Biologistes Luxembourgeois

invitéiert op seng

**Assemblée Générale**

en **Dënschden,** den **12. Februar 2019** um **18.30 Auer**

am ‚**natur musée**' am Gronn

géint 19h00

**Konferenz vum Ben Thuy,**

**Conservateur vun der Sektioun Paleontologie (Musée national d'histoire naturelle)**





**mam Titel: Paleozoic echinoderm hangovers: waking up in the Triassic**

**(Sprooch vun der Konferenz: Lëtzebuergesch)**

ABIOL

Association des Biologistes Luxembourgeois

# <u>COTISATIOUN 2019 !</u>

Denkt w.e.g. och drun, är **Cotisatioun fir d'Joer 2019** vun **10€** op den **CCPL LU87 1111 0446 6242 0000** vun der ABIOL asbl ze iwwerweisen**.**
Merci !

<u>Remarque :</u>
*Op der Adressenetikett vun dësem Envoi ass d'Joer markéiert, wou dir fir d'lescht är Cotisatioun iwwerwissen hutt.*
*(C18 = 2018, C17 = 2017, …)*
*Dir kënnt och gären en Ordre permanent maachen.*

D'ABIOL huet decidéiert keng Pabeiersmemberskaart méi auszestellen, well den Opwand dofir grouss an den Notzen éischter kleng ass.

# Assemblée Générale 2019

## Léif Memberen,

*D'**ABIOL** zielt den Ament iwwer 220 BiologInnen als Memberen. Engersäits gesi mir eis als "Beruffsvertriedung", anerersäits probéiere mer duerch eis Präsenz an Aarbecht d'Biologie zu Lëtzebuerg ze promovéieren. Fir der Bedeitung vun der Biologie am Alldag Gewiicht an Nodrock ze verschafen, ass et awer och wichteg Präsenz ze weisen. Dofir wëlle mer Iech heimat häerzlech op eis Assemblée Générale fir 2019 invitéieren.*

## Ordre du jour vun der Assemblée Générale:

- *Rapport vun eisen **Aktivitéiten** vun 2018*
- *Bilan vum **Caissier***
- ***Décharge vum Tresorier** duerch d'Keessereviseuren (J.-M. Mangen & J. Salentiny)*
- ***Neiwiel** vum **Comité***
- ***Programm** vun der ABIOL fir 2019*
- *Divers*
- ***Géint 19.00h: Konferenz vum Ben Thuy***

**Enn géint 20.30 Auer** mat engem Patt.

All wichteg Informatiounen an Aktualitéite fannt der op eisem Site www.abiol.lu. Zousätzlech Virschléi fir den ‚*Ordre du jour*', Ureegungen an Iddien kennt Dir un secretariat@abiol.lu mailen. Mir wieren och ganz frou, fir nei an engagéiert Memberen an der Equipe vum Comité begréissen ze kënnen.

**De Comité**

## Interventiounen vun der ABIOL

## am Kader vun der Reform vum Cycle supérieur vum ESG

D'ABIOL huet sech am leschte Joer intensiv fir den Enseignement vun der Biologie am Kader vun der Reform vum Cycle supérieur vum Enseignement secondaire général (ESG) agesat. Mir wëllen iech en Iwwerbléck iwwert eis Interventiounen an d'Resultater vun eise Beméiunge ginn.

Nodeems d'Commission nationale des programmes fir d'Biologie am ESG mat hire grousse Bedenken iwwert d'Konsequenze vun der Reform kee Gehéier beim Educatiounsministère fonnt huet, huet d'ABIOL am Mäerz 2018 e Bréif un de Minister Claude Meisch geschéckt, wou mir op gréisser Problemer higewisen hunn. De Bréif ass pour information un de Ministère de l'Environnement, de Ministère du Développement durable et des Infrastructures, de Conseil Supérieur pour un Développement durable an de Conseil Supérieur de l'Education nationale gaangen.

Doropshin ass d'ABIOL am Mee 2018 op eng Reunioun mam Direkter vum SCRIPT an dem Chef de Service fir den ESC/ESG vum MENJE geruff ginn. D'ABIOL hat hei d'Méiglechkeet hir Bedenken iwwert d'Reform virzedroen. Eis ass nogelauschtert ginn a mir kruten och Erklärungen zu verschidde Punkte vun der Reform. Zu dësem Zäitpunkt war d'Gesetz vun der Reform schonns beim Staatsrot, sou dat op eis Fuerderungen hisiichtlech der Grille horaire vun der Sektioun PS am ESG net konnt reagéiert ginn. Mir konnten awer iwwerzeegend Argumenter virbréngen a kruten vun Ministère eng Réi Zougeständnesser gemaach.

Op Basis vun dësem Echange krut d'ABIOL Enn Mee eng offiziell Äntwert vu sechs Säiten (!) vum Minister Meisch op eise Bréif vum Mäerz. Doranner huet de Minister vill Projeten, déi vu sengem Ministère am Kader vum Développement durable en place gesat goufen, opgezielt an eis d'Zilsetzunge vun der Reform vum Cycle supérieur am ESG erläutert. De Minister huet an deem Bréif awer och Zougeständnisser un d'ABIOL gemaach, dës goufen den 1. Juli 2018 duerch e Bréif vum Minister un d'Direktere vun de Lycéeën an d'Presidente vun de Programmkommissiounen offiziell festgehalen.

Folgend Punkte vun eise Fuerderungen si vum Minister zeréckbehale ginn:

- *En classe de 4e et de 3eGPS, les lycées proposent au moins une option dans le domaine de la biologie (éducation à la santé, développement durable, environnement, ...)*
- *Les anciennes disciplines EDSAN et TECES sont offertes par les lycées et tant que cours à option dans les classes où elles étaient prévues par les grilles horaires.*
- *Les travaux pratiques sont partie intégrante de l'enseignement de la biologie. Ils sont organisés conformément aux directives de la CNP Biologie. L'option offerte par le lycée dans le domaine de la biologie peut comprendre des travaux pratiques.*
- *L'enseignement de la discipline SCHUS est attribué de préférence à un enseignant de biologie.*
- *En classe de 3eGPS un stage obligatoire en milieu hospitalier, éducatif, social ou culturel est organisé à raison d'une durée de 5 jours consécutifs.*

Zousätzlech dozou sinn Inhalter vum Fach BIOSO an de Programm vum neie Fach SCHUS transferéiert ginn an de SCRIPT huet en Aarbechtsgrupp vun der CNP Biologie accordéiert, dee während dem Schouljoer 2018/19 de Programm fir d'Fach Biologie op der Sektioun PS iwwerschaffe soll.

Domadder sinn natierlech net all Bedenken, déi d'ABIOL zur Reform vum Cycle supérieur am ESG hat, vum Dësch, mä op mannst konnten esou verschidden negativ Effekter fir den Enseignement vun der Biologie ofgefiedert ginn. Souwuel de Bréif vun der ABIOL, wéi och déi zwee Bréiwer vum Minister kënnt dir iech am Detail um Site vun der ABIOL www.abiol.lu ukucken.

Elo ass et un der CNP Biologie fir dës erkämpfte Punkten an de Programmer ze verankeren a sou derfir ze suergen, dat se dauerhaft vun de Schoulen ëmgesat ginn.















# KraiderWorkshop

## „Wëllt Kraut am Mee – ee Genoss! “

Op enger klenger Wanderung ronderëm Biekerech, gesi mir wat d‘Natur am Mee eis un intressante Planzen schonn ze bidden huet. Mir sammelen dës Planzen a Kraider, fir se besser kennenzeléieren, a fir se duerno kulinaresch als Mëttegiessen ze genéissen.

**Wéini:** Samschdes, den 18ten Mee 2019

**Wou:** fir d'Wanderung: Treffpunkt um 10h00 um Parking vum Complexe sportif zu Biekerech .
(Rue Jos Seyler, Beckerich)

Duerno verschaffe mir zesummen dës Planzen zu engem frësche Mëttegiessen, zu Réiden an der Kiche vum Atert Lycée Redange.
Schluss vum Workshop ass, nom Iessen, viraussiichtlech géint 16h00.

**Matbréngen:** Sammelkuerf (Oekotut,Stoffkuerf o.ä.), e Puer propper Schong ( fir an der Kichen), evtl.1 Messer, an e Schneitbriet. Dem Wieder ugepasste Kleedung fir dobaussen.

**Participatioun:** 15€ fir Memberen vun der ABIOL, 20€ fir Gäscht.

**Guide:** Streff Carol, Kraiderpädagogin.

Virwëtzeg a Loscht op eng Portioun Fréijoer?

**Umellen:** Beim Jeff Kohnen (jeff.kohnen@education.lu) bis spéitstens den 10.05. Mir sinn op 16 Persoune begrenzt. déi éischt si vir.



# Nature for People

## Bestimmungskurs für Pflanzen

In diesem siebenteiligen Workshop lernen Sie die Grundlagen der Pflanzenbestimmung kennen. Schwerpunkt ist das Erlernen der Bestimmung von Blütenpflanzen unter wissenschaftlicher Anleitung mittels Florenwerken. An zwei Terminen geht es ins Gelände, um das Erlernte vor Ort anzuwenden. Die Merkmale der wichtigsten Pflanzenfamilien werden vorgestellt. Es werden auch Anleitungen zum botanischen Sammeln und zur Anlage eines Herbars gegeben. Der Kurs richtet sich in erster Linie an Naturinteressierte, die bereit sind sich mit kleinteiliger Bestimmungsarbeit zu beschäftigen.

## Wann & wo?

Der Kurs findet an sieben Nachmittagen jeweils donnerstags von 15 bis 17 Uhr im Seminarraum des Regionalen Biodiversitätszentrums des SICONA in Olm, 12, rue de Capellen, statt. Die sieben Kurstermine bauen inhaltlich aufeinander auf. Der Kurs findet in luxemburgischer Sprache statt.

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Termine: | 21.03.2019 | 28.03.2019 | 04.04.2019 | 11.04.2019 |
| | 25.04.2019 | 02.05.2019 | 16.05.2019 | |

## Anmeldung & Kosten

Die Teilnahme am Kurs ist kostenpflichtig. Die Teilnahmegebühr beträgt 40 €; für Studenten gilt ein reduzierter Preis von 20 €. Eine Rückerstattung bei Nichtteilnahme ist nicht möglich. Bestimmungsbücher und Material werden gestellt. Die Teilnehmerzahl ist auf 25 Personen begrenzt.

Eine **verbindliche Anmeldung ist bis zum 01.03.2019 erforderlich**. Zur Anmeldung erkundigen Sie sich zunächst bei SICONA nach freien Plätzen. Danach überweisen Sie die Teilnahmegebühr auf unten stehendes Konto. Bei der Überweisung bitte Namen und Betreff "Teilnahme Bestimmungskurs 2019" angeben. Die endgültige Annahme zum Kurs wird nach Eingang der Gebühr bestätigt.

Naturschutzsyndikat SICONA
manon.braun@sicona.lu
12, rue de Capellen L-8393 Olm
Tel. 26 30 36 27 Fax. 26 30 36 30
Konto: BCEE LU36 0019 2000 0173 9000

Der Bestimmungskurs wird von der Biologischen Station SICONA und dem Nationalmuseum für Naturgeschichte durchgeführt in Kooperation mit der Groupe de recherche botanique de la Société des naturalistes luxembourgeois sowie der Association des biologistes luxembourgeois. Der Kurs wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung unterstützt. Kurs-Leitung: Dr. Simone Schneider (Botanikerin, Naturschutzsyndikat SICONA) und Thierry Helminger (Botaniker, Nationalmuseum für Naturgeschichte).

**Eine Anerkenung durch INAP ist möglich!**

SICONA Naturschutzsyndikat
natur musée mnhn.lu
snl.lu
ABIOL Association des Biologistes Luxembourgeois
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

# People for Nature

